



gesch op déi Missioun virzebereeden, an och fir dee Fall, dee mer hoffen, datt en ni antrëtt, wann hinne géif eppes geschéien, datt wierklech séier onbürokratesch deene Leit an hire Famillje géif gehollef ginn an all Hisiicht, och am Assurancerecht. Ech soen dat ëmmer erëm.

An et ass wichteg, Här Minister, datt Dir och hei géigeniwwer dem Public dat assu- réiert. Wann engem eppes géif geschéien, da géif hei d'Regierung mat eiser Ënner- stëtzung alles maachen, fir deene séier an onbürokratesch ze hëllefen.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Jean-Louis Schiltz, wann ech gelift.

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV).**- Här Pre- sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vun der CSV-Fraktioun déi Motioun hei ausdrécklech begrëssen. Mir droen déi Motioun hei selbstverständ- lech mat. An ech wollt och eng Kéier vun der Geleëenheet profitéieren, fir ze soen, datt ech fannen, datt mer déi schwiereg Debatt Afghanistan an deene leschte Joren ëmmer gefouert hunn, ouni eis a klenge Saachen ze verhedderen, mä andeem mer gekuckt hunn, wat e klenge Bündnispar- tner - well dat si mer an der NATO - kann dozou bäidroen, datt an Afghanistan d'Saache sech zum Bessere wenden, an doriwwer eraus selbstverständlich och déi zivil an déi politesch Aspekter, déi an där Motioun hei op eng, wéi ech mengen, ex- zellent Manéier zum Ausdrock bruecht gi virun engem extrem komplizéierten Han- nergond.

All eenzelnen Tiret vun där Motioun huet et eigentlech a sech. Well et ass evident, datt, wann ee vu Feuilles de route schwätzt, vun engem concertéierten a res- ponsabele Retrait, dann ass dat méi ein- fach gesot, wéi et gemaach ass. A wann een och kuckt, wat an anere Länner ge- schitt, dann ass dat do guer net esou ein- fach, fir déi Solidaritéit mat den Afghanen an déi Solidaritéit och ënnerenee weider- hin oprecht ze halen.

Déi zivil Rekonstruktioun ass en extrem komplizéierten Ënnerfaangen, och an Afghanistan. Wat net heescht, datt een et net soll maachen; au contraire. Den Akzent muss dorobber gesat ginn, well et ass nëmmen iwwert dee Wee, wou et geet.

Datt mer à mesure vun eise Méiglechkee- ten an deene verschiddenen Effortë solle participéieren, schéngt mer och evident ze sinn an ass eppes, wat mer scho länger Zäit maachen a wat een och verstärkt an der Zukunft soll weiderféieren.

Besounesch zefridde sinn ech driwwer, datt an där Motioun och den Effort vun der Réconciliatioun zum Ausdrock kënnt, den Effort vun der Reintegratioun. Dir wësst, datt vill vun deenen internationale Partner, déi do woren, sech während Joren oder op d'mannst während Méint schwéiergedoen hunn, fir op dee Wee ze goen. Et war laang, a verschiddene Quar- téieren op d'mannst, wou gesot ginn ass: „Eng Diskussioun, eng Réconciliatioun, eng Reintegratioun ass net méiglech.“

Mir mengen, datt dat méiglech wär, och wann dat vläicht ee vun deenen allerkom- plizéiertste vun deene ville komplizéierten Aspekter ass, déi ech hei ugefouert hunn an déi an der Motioun zum Ausdrock kom- men. Natierlech ass et esou, datt déi Ré- conciliatioun an déi Reintegratioun nëmme méiglech ass, wa sech och an de konstitu- tionelle Kader erabeweegt gëtt. Deen, dee wëllt an engem rechtsfräie Raum weider operéieren, do schéngt et mer extrem schwierig ze sinn. An duerfir sinn ech och frou, datt dat hei zum Ausdrock kënnt.

D'CSV-Fraktioun wäert déi Motioun hei also matstëmmen.

► **M. le Président.**- Den Här André Hoff- mann, wann ech gelift.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, Dir wësst alleguerten, dass mir vun Ufank u géint déi militäresch Interven- tioun an Afghanistan waren. Déi Begrën- nungen, déi ugefouert gi si fir déi mili-

täresch Interventioun, déi hunn eis net iw- zerzeegt. Dat ass awer dat mannst, wat ee ka soen.

Mir sinn nach wie vor och der Meenung, dass hei geostrategesch Interesse mindes- tens esou eng grouss Roll gespillt hu wéi dat, wat virgeschobe ginn ass, mënsche- rechtlech Begrënnunge respektiv demo- kratesch Begrënnungen.

Mir stellen och fest, dass déi wierklech Pro- blemer vun deem Land duerch déi mili- täresch Interventioun net geléist gi sinn. D'Konflikter am Land sinn net ofgebaut ginn. D'militäresch Interventioun huet ganz vill Affe och an der Zivilbevölkerung gefuerdert.

A mer stelle jo och fest, dass dat, wat als Zil genannt ginn ass, nämlech den Terror- ismus ze bekämpfen, dass ee wierklech net ka soen, dat Zil, dat hätte mer duerch déi militäresch Interventioun do erreecht.

Ob een elo wierklech soll gleewen, dass am Joer 2014 dee militäresche Réckzuch ofgeschloss ass, dat weess ech nach net esou richteg. Do woen ech nach e bëssen drun ze zweifelen. Mä ech kann natierlech awer net géint eng Motioun stëmmen, déi dee Réckzuch do freet; souguer steet jo net dran, bis 2014. Den Här Schiltz huet et esou interpretéiert; et kéint och gemengt sinn: direkt. Ëmsou manner kann ech géint déi Motioun stëmmen.

Dat Eenzezt, wat mech stéiert, mä dat än- nert awer näischt u mengem Vote. Wann am Tiret x bei de Considéranten op der zweeter Säit steet: „estimant que la situa- tion en Afghanistan ne peut pas être ré- glée par les seuls moyens militaires“, misst menger Meenung no dosto: „ne peut pas être réglée par des moyens militaires“, an net „par les seuls“.

Mä dat ass awer elo net entscheidend. Entscheidend ass, wat hanne gefrot gëtt: de Réckzuch. An all méiglech Ustreng- ungen, fir friddlech an zivil Léisungen ze fannen, fir an deem Land eng Entwécklung ze favoriséieren, déi an eng demokratesch Richtung geet an d'Mënscherechter res- pektéiert, dat kann ech also matdroen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoff- mann. Elo kritt nach den Arméiminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Défense.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës Motioun résu- méiert ganz nuancéiert am Fong geholl eise globalen Engagement an Afghanistan. A wann een d'Grondstëmmung vun där Motioun kuckt, fënnt een doran déi Schlës- selelementer, déi mussen derzou féieren, dass mer schnellstens eis Zilsetzung erree- chen, dat eng schnell Afghaniséierung ass vun deem Land. Oder eng schnell Dé- marche, fir de Mënschen hiert Land an hir Hand ze ginn, hiert Schicksal an hir Hand ze huelen, déi fënnt een hei ganz kloer an dëser Motioun erëm. Et ass eng integréiert Approche.

Déi international Communautéit - et sinn ëmmerhin 48 Natiounen, déi do sinn - huet sech en Zäitplang ginn. An dee soll och prezis sinn, mä e kann net méi prezis sinn, wéi dass en och effizient muss sinn. Duerfir muss ee kucken an esou engem komplexe Prozess - an et ass haut schonn e puermol ugeschwat ginn -, wéi séier ee kann dee militäreschen Asaz am Fong ge- holl bëendegen, well et geet jo drëm, fir eng akzeptabel Sécherheet ze kréien a schnellstens den zivilen Opbau anzelee- den.

Well et muss esou sinn, dass liewensfäeg Institutiouen, dass am Fong geholl d'Ko- operatioun esou fonctionnéiert, dass d'Wirtschaft nees dréit an dass eben dëst Land ënner engem reconciliéierte Vollek am Fong geholl nees kann an eng Norma- litéit erakommen.

Duerfir sinn ech frou, dass haut dee grouss Konsensus heibannen ass. Ech war gradesou frou, wéi mer am Dezember an der Chamberskommissioun eng unanime Positioun kritt hunn, oder Vote kann een och soen, fir ee weideren Asaz an Afgha- nistan. An Der kënnt mer gleewen, dës Motioun ass ganz kloer an der Linn vun dem Programm vun eiser Regierung.

Ech wäert och an Zukunft, wéi ech et bis elo ëmmer gemaach hunn, d'Chamber in- forméieren iwwert déi nächst Schrëtt, déi mer maachen, op e fräit Afghanistan hin.

Mir sinn eis bewosst, dass dat kee Prozess ass, deen ee séier ka maachen, mä e muss gutt gemaach ginn. Esou, dass herno d'Biergerinnen an d'Bierger vun deem Land am Fong geholl nees kënnen eng Konditioun kréien, e Liewe kréien, dat ee liewenswäert nennt.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Ar- méiminister. A well esou ee grouss Kon- sensus hei besteet, kënn mer duerfir déi Motioun à main levée ofstëmmen.

Vote sur la motion

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn.

Domadder wär déi Motioun dann ugeholl.

9. Nomination d'un réviseur d'en- treprises pour l'Entreprise des Postes et Télécommunications

Mir kommen elo zur Nominatioun vun engem Réviseur d'entreprises fir d'Post, esou wéi den Artikel 22, Paragraph 3 vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert d'Schafung vun der Entreprise des Postes et Télécommunications et virgesäit. De Verwaltungsrot vun der Post huet d'Firma Ernst & Young als Réviseur d'entreprises fir d'Joren 2011, 2012 an 2013 virgeschloen.

Wéi üblech maache mir doriwwer e Vote secret duerch eise System vum Vote élec- tronique. Ech erënneren lech drun, datt de Vote par procuration net erlaabt ass. Wien derfir ass, fir d'Mandat un d'Firma Ernst & Young fir dräi Joer ze ginn, stëmmt mat Jo, wien dergéint ass, stëmmt mat Neen.

Vote secret

De Vote fänkt un. Et gëtt also nëmme per- séinlech Stëmmen, kee Vote par procura- tion. De Vote ass ofgeschloss.

Domadder ass Ernst & Young mat 46 Jo- Stëmmen an 1 Enthaltung als Réviseur d'entreprises fir d'Post designéiert ginn.

Mir kommen elo zu dräi Ännerungsvir- schléi vun eise Chambersreglement, déi mer wäerten zesummen an enger Diskus- sioun behandelen. Dat sinn: den Änne- rungsvorschlag 6221 vum Chambersregle- ment iwwert d'Propositions de loi; den Ännerungsvorschlag 6228 vum Artikel 167 vum Chambersreglement an den Änne- rungsvorschlag 6229 vum Chambersregle- ment. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, an d'Wuert huet elo de Rapporteur vun den Ännerungsvirschléi, den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

10. 6221 - Proposition de modifi- cation du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi

6228 - Proposition de modifi- cation de l'article 167 du Règle- ment de la Chambre des Députés

6229 - Proposition de modifi- cation du Règlement de la Chambre des Députés

Rapports de la Commission du Règle- ment

► **M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Chamberreglements- kommissioun proposéiert, dräi Ännerungen un eise Reglement haut virzehuelen. Déi dräi Ännerungen, déi mer virhuelen, sinn allen dräi vun der Presidentekonferenz proposéiert ginn.

Déi éischt Ännerung huet am Fong mat der Prozedur ze dinn, déi mer bei de Pro- position-de-loien hei an der Chamber hunn. D'Proposition-de-loien, déi bekannt- lech vun den Deputéierten heibannen age- reecht ginn.

Dir wësst, datt mer an der Vergaangenheet am Fong eng Situatioun haten, datt bei enger grousser Zuel vun de Proposition- de-loien, déi hei deponéiert si ginn, ni eng Suite war an datt déi Proposition-de-loien am Fong ni hei diskutéiert oder an der Poursuite oder an der Prozedur weiderge- laf sinn.

Dacks war d'Ursaach dovunner, well de Conseil d'État och keen Avis zu deene Pro- position-de-loien offinn huet. Duerfir ass an der leschter Legislaturperiod eng nei Prozedur proposéiert ginn. An an där Proposition war wesentlech ee Punkt aneschtens, an zwar huet d'Chamber no dem Dëpôt vun enger Proposition de loi an engem Délai vu sechs Méint heibanne sech iwwer e Vote prononcéiert, wat fir eng Suite oder Poursuite législative déi Proposition de loi kréich. Wann d'Cham- ber Jo gestëmmt huet an enger Majoritéit, dann ass déi Proposition de loi den nor- male Wee virugaangen, a wa se mat Nee gestëmmt hätt, da wier déi Proposition de loi klasséiert gi sans suite.

Dës Prozedur huet op eng Rei vu Kritike gestouss, notamment vum Conseil d'État, dee gesot huet, ma d'Chamber géif hei en éischte Vote schonn aus hirer Siicht hue- len, ouni datt en Avis vum Conseil d'État géif virleien.

Obschonn d'Chamber et net als en éischte Vote gesinn huet, mä et nëmmen e Vote quant à la procédure, war déi Meenungs- verschiddenheet awer do. Doropshin ass dann dunn eng Aussprooch komm të- schent dem President vun eiser Chamber an dem President vum Conseil d'État, wou am Fong déi héich Kierschaft - de Statsrot - sech verpflichtet huet, an engem Courier vum 3. August 2010, datt de Statsrot am Fong do den Engagement ge- holl huet, fir an Zukunft all Proposition-de- loien, déi déposéiert ginn, systematesch an engem Délai raisonnable ze aviséieren, fir datt d'Chamber da kéint a voller Kennt- nis vun hirem Avis iwwert déi Proposition de loi hei diskutéieren.

Dat ass am Fong dee gréisste Reproche, deen an der Vergaangenheet do war. Dee wier domadder behuwe ginn. An dat huet dann derzou gefouert, datt mer elo higaange sinn an eist Reglement op Pro- positionen vun der Presidentekonferenz amendéiert hunn. Am Fong gi mer elo të- schent der Proposition de loi an dem Proj- et de loi en absolute Parallelismus; dat heescht, déi zwee lafen déiselwecht Pro- zedur of. Ech brauch se net weider nach eng Kéier ze ernimmen.

Et ass just eng Fro, déi mer eis gestallt hunn. Eng Regierung, wann déi e Proj- et de loi hei déposéiert, dann ass en d'office recevabel. An hei ass eng Proposition de loi, déi muss awer nach op Propositionen vun der Presidentekonferenz vun der Chamber recevabel erkläert sinn. Mir wa- ren eis awer eens, datt déi Recevabilitéit net ka si quant au fond, mä et kéint zum Beispill de Fall sinn, datt et eng Proposition de loi wier, déi net ënnert d'Kompetenz vun dësem Haus géif falen a wou d'Cham- ber da géif soen: Dat ass eng anere Pouvoir, zum Beispill dem Pouvoir exécutif seng Fonctioun an duerfir kann d'Cham- ber net an deem dote Fall légiféréieren.

Et ass am Fong just dat eent Beispill, wou dat kéint sinn. Mä soss gëtt am Prinzip op Propositionen vun der Presidentekonferenz déi Proposition de loi hei als recevabel deklaréiert. Duerno gëtt se da gedréckt a se gëtt verdeelt. An d'Regierung kritt se dann, déi se da weiderleet un de Statsrot an un d'Chambres professionnelles, fir datt déi kënnen hiren Avis ginn.

D'Presidentekonferenz, déi renvoyéiert se wéi all anere Projet de loi un déi zoustän- neg Kommissioun. Da bleift den Text be- stoen, datt an enger Legislaturperiod eng Proposition de loi, déi net ugeholl ginn ass, net kann an darselwechter Legislatur- period nach eng Kéier deponéiert ginn.

All Rapport, deen hei an d'Chamber kënnt vun enger Proposition de loi, déi als Kon- sequenzen hätt, datt d'Statsfinanzen direkt oder indirekt géifen eropgoen, do muss dann och e Fichier derbäi sinn, wéi déi Proposition de loi sech géif finanzéieren.

All Deputéierten huet d'Recht, seng Pro- position de loi zréckzezéien. An am Fall, wou een net méi Member hei an der Chamber ass, deen eng Proposition de loi huet, huet dann dee Groupe politique oder Groupe technique oder Sensibilité politique d'Recht, fir déi Proposition de loi vum Ordre du jour ze sträichen. Genausou verhält et sech, wa weder de Groupe poli- tique, technique oder d'Sensibilité poli- tique nach, den Deputéierten eng Kéier net méi hei an der Chamber wier, deen



den Dépôt vun der Proposition de loi huet. Da géif d'Chamber op Propositionen vun der Presidentekonferenz decidéieren, fir déi Proposition de loi vum Rôle ze sträichen.

Genausou hält et sech dann am Artikel 66 fest, datt eng Proposition de loi, wou schonn den éischte Vote hei an der Chamber gemaach ass, datt déi net méi ka vum Rôle gestrach ginn.

Dann hu mer nach d'Disposition transitoire drageschriwwen. Dir wësst, datt opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer am neie Reglement haten, déi lescht Proposition-de-loien net méi an där Prozedur duerchlafte gelooss gi sinn, mä déi sinn einfach zrëckbehalen ginn. Déi sinn also nach alleguer souwuel deponéiert wéi och recevabel erkläert, mä se sinn an der Prozedur net virugaangen. An alleguer déi Proposition-de-loien, déi also an deene leschte Méint hei an der Chamber déposéiert si ginn, déi falen elo d'office hei an déi nei Prozedur eran.

Wéi gesot, dat ass déi nei Proposition, déi am Reglement ass, wat d'Propositions de loi ugeet. Et ass also en absolute Parallelismus, kann ee praktesch soen, mat de Projets de loi. Et ass selbstverständlech, datt dann déi eenzel Kommissiounen an hire Sitzungen da wäerten déi Propositions de loi esou diskutéieren wéi e Projet de loi, wann d'Avisé vun de Chambres professionnelles oder vum Conseil d'État virleien.

Et ass och e Konsens an der Kommissioun gewiescht, datt déi eenzel Kommissiounen sollten dann och an engem Délai raisonnable déi Propositions de loi aviséieren, mat engem Rapport. Selbstverständlech kann dat och e Rapport sinn, deen a senger Majoritéit der Chamber proposéiert, déi Propositions de loi ze refuséieren. Mä et ass d'Iddi gewiescht, an do war e parteipolitesche Konsens, datt se bis zu engem Rapport genee wéi e Projet de loi géifen duerchgezu ginn an dann an engem Délai raisonnable hei an d'Chamber kommen.

Mir hoffen dann, datt mer eis géigesäiteg alleguer un dat, wat mer eis hei engagéiert hunn, halen. An dann, mengen ech, wier dat heiten eng wesentlech Opwärtung vum Parlament, wa mer déi Prozedur do an där Form, no Avisé vum Conseil d'État an de Chambres professionnelles, hei wéi e Projet de loi géifen an der Chamber duerchzéien.

Déi zwou nächst Ännerungen, Här President, dat sinn nëmme ganz klenger. Dat eent betrëfft den Artikel 167. Dir wësst, datt mer hei an der Chamber am Artikel 167 festgehalen hunn - fir eben d'Transparenz vun dem eenzelnen Deputéierten no baussen ze dokumentéieren -, datt all Deputéierten an engem Register deklaréiert, wat seng Aktivitéiten - nieft dem Mandat vum Deputéierten - sinn, déi rémunéiert sinn.

Bis elo war dee Register public, an et konnt een och hei an d'Chamber Asiicht huele kommen. Wat elo nei ass, dat ass, datt den „public“ selbstverständlech bleift, mä e gëtt méi public, an zwar deemtensprechend dowéinst, datt eben och dee Register um Internetsite vun der Chamber publizéiert gëtt. An zwar trëtt dat Reglement, wa mer dat haut stëmmen, muer an d'Rei, an d'Chamber ass och prett, de Greffe oder d'Verwaltung, fir eben dann och kënnen dat vu muer u public ze maachen.

Verschiede Kolleegen hunn d'Fro gestallt, wat genee géif ënner eng „Rémunération“ falen. De Kolleeg Lucien Weiler huet als Rapporteur, wéi deemools déi Bestimmung an d'Reglement agefouert ginn ass, eng relativ detailléiert Erklärung ginn, wat dat bedeit. Ech wëll duerfir aus Zäitgrënn mer dat spueren. Dir kënnt am Rapport déi Deklaratioun noliessen, déi deemools gemaach ginn ass, wat genee dodrënner fält a wat domadder gemengt ass. Wéi gesot, nei ass elo, datt do dee Register vu muer un dann och um Internetsite vun der Chamber public gemaach gëtt.

Dann eng drëtt Ännerung am Reglement: Dat ass am Fong nëmme ee Wuert, dat geännert gëtt, an zwar gëtt am ganze Reglement dat Wuert „Greffe“ duerch „Administration parlementaire“ ersat. Dir wësst, datt d'Wuert „Greffe“ nach aus enger Zäit bestanen huet, wou hei d'Chamber nach net vill Fonctionnaires

hat. An dat waren dann am Sënn vum Wuert d'Greffieren, d'Schreier, déi am Fong dat festgehalen hunn, wat hei an der Chamber geschitt ass.

An der Zwëschenzäit ass d'Verwaltung vun der Chamber vill méi grouss ginn a virun allem vill méi villfältig ginn. An duerfir hu mer och en Organigramm bei dësen Text, bei dëse Rapport bäigehaang, fir ze dokumentéieren, wéi villfältig d'Chamber ass. An duerfir, mengen ech, ass dat scho berechtigt, datt mer haut net méi vun engem „Greffe“ schwätzen, mä vun enger „Administration parlementaire“. Mir schwätze jo haut net méi vun eise Grefier, mä vun engem Generalsekretär, deen d'Chamber huet. Dat wier also déi drëtt Ännerung, déi géif hei proposéiert ginn.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren, datt sämtlech Propositionen, déi ech elo hei am Numm vun der Reglementskommission virgedroen hunn, an der Kommission och eestëmmeg ugeholl gi sinn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Gast Gibéryen, dee ganz komplett war. Ech weess net, ob et nach noutwendeg ass, datt do zousätzlech... Dach, den Här Hoffmann huet awer nach eng zousätzlech Bemierkung ze maachen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Also ech fannen dat hei esou eng wichteg Ännerung vun eise Reglement, dass et derwärt ass, e Wuert driwwer ze soen.

(Interruptions)

Souguer, wann een dobäi widerhëlt, wat scho gesot ginn ass. Et geet hei ëm eng prinzipiell Fro. Virdu sinn déi Propositions de loi jo a Wierklechkeet net seriö geholl ginn. Domadder ass a Fro gestallt d'Souveränitéit vun der Chamber, domadder ass a Fro gestallt dat wierklecht Initiativrecht vum Deputéierten. Dat ännere mer elo. An d'Reglement, wat elo esou formuléiert ass, dat ass an där Hisiicht ganz gutt.

Just géif ech awer deen Appel, deen den Här Gibéryen zwar schonn e bëssen ausgedréckt huet, nach eng Kéier ënnersträichen. Mir sollen awer dann och elo drop oppassen, dass an allen Instanzen, also och an de Chamberskommissionen selwer, dat Reglement seriö geholl gëtt. Dat heescht also, dass déi Propositions de loi an de Kommissiounen an engem seriöen Délai dann och wierklech ënnersicht ginn; dass d'Avisé vun de concernéierte Berufschamberen ëmmer och an engem rasonnablen Délai gefrot ginn an natierlech an d'Diskussion afléissen.

An ech mengen, et wier net abwegig, eis virzehuelen, dass mer no engem gewëssenen Délai probéieren eng Evaluatioun ze maachen. Dat kann d'Reglementskommission maachen oder iergendeen anere vun eise parlamentaresche Gremien, fir ze kucken, wéi dat an der Praxis leeft an ob et esou leeft, wéi mer et hei gewënscht hunn.

Nach méi kuerz zum Register vun den Nieweschäftegunge vun den Deputéierten, déi rémunéiert sinn. Et wier wuel ze vill gefrot - elo wäert en Opschrei kommen, ech weess et net -, wann een och d'Héicht vun de Rémunérationen kënnt publizéieren. Dat ass awer da vläicht eréischt fir d'Zukunft.

Wat ech awer mengen, och wa mer dat net müssen an d'Reglement schreiwen. Mir wësse jo allegueren, dass zu Lëtzebuerg nach net jiddwereen Zougank zum Internet huet. Ech géif einfach derfir plädéieren, och wa mer et net an d'Reglement schreiwen, dass dat am gedréckten Chambersbericht och ofgedréckt gëtt, fir dass och déi Leit déi doten Informatioun kréien, déi net am Moment an der Lag sinn, fir se iwwer Internet ze kréien.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Ech mengen, domadder wier nu wierklech alles iwwert déi verschidde Propositionen gesot.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6221

Mir géifen dann elo zur Ofstëmmung kommen, fir d'Éischt iwwert den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, deen den Nummer 6221 dréit.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an d'Proposition ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Christine Doerner);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6228

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, deen den Nummer 6228 dréit.

Hei fänkt d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an den Ännerungsvorschlag ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6229

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert deen drëten a leschten Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, deen den Nummer 6229 dréit.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an deen drëten Ännerungsvorschlag ass och ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert de Selbstmord ugefrot. D'Riedezäit ass hei am Artikel 84, zweeten Alinea vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou; deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnf Minutten; de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Majerus a Scheuer, d'Madame Loschetter an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler als Vertrieder vun der DP-Fraktioun.

11. Heure d'actualité du groupe DP au sujet de la problématique du suicide au Luxembourg

Exposé

► **M. André Bauler (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Suicide ass en Akt vu Verzweiflung an Hëlleflosegkeet. Et ass d'Réplique op eng déif Hoffnunglosegkeet, déi den Doud als eenzegen Ausweg gesäit. De Xavier Bettel hat 2007 déi liewenswärt Initiativ ergraff, de Sujet vum Suicide, am Kader vun enger Aktualitéitsstonn, öffentlech diskutéieren ze loossen. Bal véier Joer duerno stelle sech weiderhin Erausforderungen an der Preventioun vum Suicide.

Zurzeit gëtt et grouss Lacunen um Niveau vun der Suiciduforschung hei zu Lëtzebuerg. Et gëtt wéineg epidemiologesche Studien zu dësem Phänomeen, esou wéi e sech heiheem presentéiert. Lacuné gëtt et och an der Betreiung vu Leit, déi schonn eng Tentative de suicide gemaach hunn, an an der Sensibiliséierung vun der Öffentlichkeit. De Phänomeen schéngt éischter tabuséiert ze ginn, och wann éischt Usätz vu Preventioun an deene leschte Joren ze verzechnen sinn.

Wa Statistike keng genee Bestandsopnahm vum Problem kënnen zeechnen, ass et dach wichteg, drop hinzeweisen, datt an de leschte Jore méi a méi Fäll enregistriert goufen. D'Moyenne läit bei 70 Persounen d'Joer, d'Donkelzifferen leie méi héich.

SOS-Détresse huet an deene leschte fënnf Joer bal 700 Uruff am Kontext vum Suicide